# d'Peffermillen

Säit e puer Méint huet bekanntlech den "Atelier UKaWeechelchen" beim Postminister ugefrot fir eng Sendefrequenz ze kréien, op där en e fräie Radio däerft bedreiwen (vgl."forum" Nr.71). De Staatsminister P. Werner wor, wi sériös Gerüchter wësse wëllen, anscheinend bereet dozou jo ze soen, mä leschten Enns huet de Ministerrot décidéiert, dëse Problem eréischt an engem neie Gesetz, wu iwert all nei Medien an Télékommunikatiounsmëttele statuéiert géif, z'entscheeden. Dass dëst nëmmen e Pretext wor, gouf definitiv kloer, wi d'Regierung enger neier Satellitegesellschaft (SLS) d'Konzessioun iwerdroen huet, fir eng Satellitentelevisiounsfrequenz am Numm vu Lëtzebuerg z'exploitéieren. Hei as bekanntlech di international jhuristesch Situatioun nach vill méi verwuerelt, an trotzdeem as di politesch Entscheedung gefall! A Saache fräi Radiossender awer woren d'Zeitungsediteuren an d'Journalisteverbänn anscheinend méi staark wéi d'CLT a Saache Satellitentelevisioun! Wann d'Regierung an där Fro su wéineg jhuristesch Bedenken hat, freet een sech firwat den Atelier UKaWeechelchen der méi sollt hun, fir illegal vu Lëtzebuerg aus ze senden. m.p.

*

Eemol méi as an der kathoulescher Kierch zu Lëtzebuerg de Sonndeg vun de soziale Kommunikatiounsmëttele gefeiert gin (3.6.84). Och dëst Joer hat de Koschter d'Eier weder am Bericht vum "Office catholique des communications sociales" ernimmt ze gin, nach op den Empfank agelueden ze gin, deen den Här Bëschof dee Sonndeg fir all Leit gët, di vu no oder vu wäit eppes mat Press ze din hun. Dohi gin anscheinend nëmmen Zeitungen invitéiert, di parteipolitesch op dëser oder där Säit gebonne sin. De Koschter seet deene Verantwortleche merci, dass se séng Onofhängegkeet elo scho säit Joeren su héich respektéieren. g.